



## CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2012

### TÉMOIGNAGE DE MYRIAM

Mäin Numm ass Myriam, ech hunn 33 Joer.

Den 18. Dezember 2002 huet den Dokter mir d'Diagnose ginn Morbus Hodgkin, och bekannt als Lymphdrüsekriibs. Vun engem Moment op deen aneren huet sech alles verännert. Ni hätt ech geduet, datt et mech kéint treffen, a scho guer net mat 24 Joer; ëmmer rëm hunn ech mech gefrot „Firwat ech?“.

Mee fir mech war direkt kloer, datt ech dem Kriibs net einfach sou mäi Kierper géif iwwerloossen, an hunn „HIM“ de Kampf ugesot. Mee et ass och ëmmer méi einfach gesot wéi gemaach! An dat ass mir relativ séier bewosst ginn. D'Niewewierkunge vun der Chimio hu mer ze schaffe gemaach, no an no si mer meng Hoer ausgang, mäi Kierper huet sech verännert, ech si séier midd ginn, hat Bloderen am Mond, all Knachen a Muskelen hu mer wéi gedoen an an an...

Wéi den Dokter mir no 10 Méint intensiver Behandlung matgedeelt huet, datt ech gesond wär, war ech natierlech iwwerglécklech. Mee mäi Kierper war ausgebrannt, d'Angscht, rëm krank ze ginn, an d'Angscht virum Doud si bliwwen an hu mech a mengem Alldag begleet. Mat Hëllef vu Famill, Frënn, engem gudden Aarbechtsëmfeld a psychologescher Ënnerstëtzung hunn ech de Wee zréck an d'Normalitéit gepackt.

D'Lafen hunn ech spéider als Ventil fir mech entdeckt, wat mir gehollef huet meng Ängschten an de Grëff ze kréien; et gött mir virun allem e gutt Kierpergefill. Dofir war ech och sou begeeschtert wéi meng Schwëster viru 5 Joer d'Initiativ ergraff huet fir beim Relais pour la Vie matzemaachen. Saitdeem si mir mam Jousefshaus Réimech Joer fir Joer derbäi fir de gudden Zweck ze ënnerstëtzen. Haut sinn ech selwer Kapitän vun dëser Equipe a si frou a stolz kënnen hei ze sinn.

De Relais pour la Vie steet fir mech virun allem als Symbol, all déi Leit ze ënnerstëtzen, hinne Mutt ze maachen, déi dee schwéiere Wee nach viru sech hunn, an als Gedenken un déi, déi net souvill Chance haten. Et ass awer fir mech och eng Zäit, alles Revue passéieren ze loossen a mer rëm bewosst ze man, datt net alles am Liewe selbstverständlech ass, an datt sech vun engem Dag op deen aneren alles ka verännern.

Merci fir d'Nolauschteren.